Opmierksam sinn am Kontext vun der Pandemie: eng beobachtend Haltung an der pedagogescher Aarbecht

Guidelines fir Enseignanten an Educateuren

De Covid-19 an déi gesellschaftlech Mesuren, déi domat verbonne sinn, bestëmmen eist Liewen.
Se hu belaaschtend Auswierkungen, och op deene Jonken hir psychesch Gesondheet.

Et ass wichteg, psychesch Problemer matzäit ze erkennen, fir déi Jonk beschtméiglech ze begleeden. Eng opmierksam, entgéintkommend an empathesch Haltung kann hëllefen, de Jonken hiert Wuelbefannen a Verhalen an Uecht ze huelen an, wann néideg, drop ze reagéieren. Oft sinn Ännerungen am Verhale progressiv a kënnen nëmmen usazweis wouergeholl ginn.

Folgend Verhalensweise vun de Jonke sollten erkannt an net ignoréiert ginn:

- Verstäerkt Reizbarkeet a méi grouss Konfliktbereetschaft an der Klass
- Repetitiivt grenziwwerschreidend Verhalen
- Panikattacken/verstäerkt Angschtzoustänn/Stress
- Selbstverletzend Verhalen
- Apathie/Middegkeet
- Schoulmiddegkeet, Verloscht vun Interessi u schouleschen Aktivitéiten, Vermeide vun erausfuerderende Situatiounen (Exposé, Prüfung asw.)
- ...

Wann Dir dës Verhalensweise feststellt, ass et wichteg, fir de Jonken do ze sinn:

- Sidd uspriechbar, zougänglech, implizéiert an oppen.
- Sicht d'Gespréich op, och iwwer den digitale Wee.
- Weist Interessi fir hir Problemer a Suergen a lauschtert opmierksam no.
- Bitt e geschützte Kader fir Gespréicher, individuell oder an der Grupp. Erméiglecht et de Jonken, hir Erfarungen a Gefiller am Kontext vun der Pandemie an d'Veränneren an hirem Alldag zum Ausdrock ze bréngen.
- Informéiert bei Bedarf déi Jonk iwwer spezialiséiert Hëllefsservicen.

Service psycho-social et d'accompagnement scolaires – SePAS
Service socio-éducatif - SEE
Psycho-sozial an edukativ Begleedung a Berodung fir Schüler aus dem Secondaire

Kanner-Jugendtelefon - 116111
Anonym a vertraulech Hëllef vu geschoultem Personal per Telefon (och owes a weekends) a per Chat - **www.kjt.lu**

Helpline 8002-9393
Psychologesch Berodung an Ënnerstëtzung, och an der Famill doheem, op Rendez-vous iwwer de CePAS an den ONE.
www.cepas.lu / www.officenationalenfance.lu

De CePAS bitt Weiderbildunge fir d'Fréierkennung a geschützt Gespréichsronnen an der Klass souwéi och zu de Berodungsservicer fir Enseignanten iwwer den IFEN un.
www.cepas.lu

E grousse Merci fir Är Hëllef an Äert Engagement!

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

yo.ko.graphics.lu